# 58ten WM  Boot fëschen Novigrad Kroatien vum 30.09 bis 7.10.2023

*05.10.2023 Bericht vum Giovanni Micucci*

Gëschter hate mir dann den drëtten Dag vun der WM am Boot Fëschen an domat och den leschten Dag vun der Competitioun.

Dir huet sécher gemierkt dat gëschter kee Bericht komm ass. Stëmmung an der Equipe ass zwar gutt,  awer d' Resultat net. Dofir hunn ech de Moien mäin ganzen Mutt geholl Iech de Bericht vun gëschter awer nach matzedeelen.

Et hätt net sollen sinn, mee gëschter war et net gutt gelaf. Mir haten einfach keng Chance mat de Booter. Eis Booter hunn net vill Fësch gefaangen. Et sinn Booter gewonne ginn mat 10 Fësch, an anerer mat 150 Fësch, normal ass dat net.
Mee bon dat ass dann eben esou.

Am Dagesklassement ass den Jemp 47ten, de René 49ten, den André 52ten an de Giovanni 55ten. Eng batter Pëll déi méi en mussen ofschlécken, déi awer nach laang am Hals stiechen bleift.

Bei dem Resultat war och ze erwaarden dat mir am Klassement vun de Natiounen keen hannert eis gelooss hunn.

Schlusskassement vun der WM.

| | |
|---|---|
| René | 37ten |
| Giovanni | 38ten |
| André | 51ten |
| Jemp | 52ten |

Natiounen Klassement hu mir Platz 12 besat.

Mir sinn déi eenzeg Natioun déi et nëmmen kann besser maachen.
Mir sinn awer och déi Natioun déi nëmmen zu véier Fëscher waren, wat en groussen Nodeel war.

All Resultater fann Dir ënnert [https://www.fips-m.org/](https://www.fips-m.org/)